Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Den Artikel 25 vum ofgeännerte Gemengegesetz gesäit vir, datt d'Membere vum Gemengerot dem Schäfferot a Buergermeeschter schrëftlech Froen iwwert d'Gemengeverwaltung stelle kënnen. D'Gemengen kënnen an hirem Règlement d'ordre intérieur zousätzlech Reegele fir den Oflaf an d'Modalitéite vun dëse schrëftleche Froen ausschaffen. D'Gemengegesetz gesäit explizitt keng Aschränkungen vir, wat d'Unzuehl u schrëftleche Froen virgesäit.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Gemengereglementer eng Aschränkung iwwert d'Unzuel u Froe virgesinn?
   Falls jo, wéi bewäert de Minister d'Kompatibilitéit vun esou Limitte mam Artikel 25 vum Gemengegesetz?

2. Huet de Ministère eng Iwwersiicht, wéi eng Gemengen an hirem Règlement d'ordre intérieur eng quantitativ Limitt fir schrëftlech Froen, zum Beispill pro Mount, pro Sitzung oder pro Conseiller, virgesinn hunn?
   Falls jo, kann de Minister dës Gemengen an déi jeeweileg Limitten oplëschten?

Mat déiwem Respekt,

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés